De Louis

De Schierener Buet

No 52 • Mai 2017

Titelfoto

Fir Buergsonndeg 2017 haten di Schierener Pompjeeën dëst Joer eng extra Buerg no engem scho bal architektonische Plang opgeriicht.

Fir dës besonnesch Konstruktioun hunn si eng 380 Paletten 2 Ronnballe Stréi a vill Neel, Schrauwen an Drot gebraucht. Fir den Opbau gonge 400 Aarbechtsstonnen drop.

Fier dës eemolig Buerg zesummen ze bauen an ze schrauwen haten si d'Ënnerstëtzung vum Carlos an dem Manitou vun der Firma Di Cato.

Un dëser Nr hu matgeschafft,

Camille Schaul, Michel Putz, André Schmit, Francis Wirth an d'Veräiner.

Redaktioun an Zesummensetzung

Camille PLETSCHETTE

Entworf vum Deckel

Camille SCHAUL

Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:

Gréitchen Bertemes, Nico Garson, Josiane Gillen, Marc Anton, Robert Hanff, Raymond Hess, Camille Pletschette, Michel Putz, Jean Nickels, Jerry Schlentz, Roland Roth, Carlo Thill, de Veräiner an dem Schoulpersonal.

Drock

Imprimerie EXE, Troisvierges

Oplo

800

Präis

Eenzelnummer 5 €, Abonnement 15 €

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.

e-mail: de.louis@gmx.net

De Schierener Buet

No 52 • Mai 2017

An dëser Nummer

Gemengerotsberichter. Séance du:
– 31.01.2017 1

Comment s'inscrire dans la liste électorale 2

Invitatioun Auslännerversammlung 2

Chantieren an der Gemeng 3

Flyer Virowend Nationalfeierdag 6

Richtigstellung : Gaart an Heem 7

Richtigstellung : Massendéngerausfluch 8

Klimapakt: Prett fir 2017 9

Grouss Botz 2017 11

Eischt Meefeier 2017 12

Bam fir eis Neigebueren vun 2016 14

Kulturkommissioun 15

Kachcours mat lëtzebuerger Kichen am Mäerz 2017 16

Tennis 18

Musek 20

Fraen an Mammen 23

Pompjeeën 24

Neies aus der Par 26

Kommioun 2017 28

D'Frënn vum 3. Alter 30

Antenne Collective 33

Nordstadjugend 34

Bullemettiën 37

Basket 38

Chorale Caecilia 40

D'Schoulklassen 42

Sicona Kanneraktivitéiten 45

Oekotopten 49

Myenergy 50

Der Rotmilan - ein echter Europäer 51

Nei Nordstadbuslinn fir Schieren 52

Manifestatiounskalenner Juni - September 2017 53

GEMENGEROTSBERICHTER

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **31.01.2017**

Présents:

M. André SCHMIT, bourgmestre - MM Camille PLETSCHETTE et François WIRTH, échevins - MM. Jos BIRCHEN, Jean-Claude PAUWELS, Antao LOPES FREITAS, Patrick HEISCHBOURG, Kevin LINSTER, et Mme Danielle MEISCH conseillers

De Gemengerot hëlt folgend Entscheedungen :

Definitive Vote vun enger punktueller Ëmännerung vum PAG mat der Aféierung vu Schutzzonen am Sënn vun der Erhalung vu Gebaier déi en historeschen oder/an kulturelle Wäert hunn.
Negative Vote vun engem PAP an der Lëtzebuerger Strooss vun der Nummer 104 bis 108 vun dem Konsortium Goerens/JMJ promotions.

Positiven Avis zur Propose vum Kulturminister fir d'Klasséierung vum Biertrenger Schlass als nationaalt Monument
Festleeën vun de generelle fräi Nuechten fir 20117 :

- Samschdeg 03.06.20107 - Kiermessamschdeg
- Sonndes 04.06.2017 - Kiermessonndeg
- Méindes 05.06.2017 - Kiermesméindeg
- Donneschdes 22.06.2017 – Virowend vun Nationalfeierdag
- Freides 23.06.2017 - Nationalfeierdag
- Sonndes 31.12.2017 - Silvester

Compromis mam Här John Dondlinger fir de Kaf vu Compensatiounsflächen um Léihbierg mat enger Fläch vun 87,20 Ar zum Präis vun 43.600 Euro a Bereetstelle vun engem entspriechende Kredit.

Geneemegung fir de Schäfferot fir am Bautendossier Gemeng Schieren /Babacic, 19 Route de Stegen viru Geriicht ze goen.
Als Investissementer fir di nächst Joren si folgend Projeten op de plan pluriannuel geholl ginn: Neie Waasserbaseng, Renovatioun vum Gemengegebai 72 Route de Luxembourg, Parking fir Maison Relais an Schoul, Holzhackschnitzel Heizungsanlag, Infrastrukturaarbechten an der Rue des Vergers an Rue Verte.

De Komplex vu Sportshal a Pompjeesbau wäert an Zukunft den Numm „Centre Gust Goerens" droen, dat an Erënnerung un eise kierzlech verstuerwenen Éierebuergermeeschter Gust Goerens.

Bäitrett zur Campagne géint d'Verschwendung vu Liewensmëttel
Kontrakt mam Ingenieursbüro fir d'Aarbechten um Kanalnetz an der Rue du Moulin, der Rte de Luxembourg an der Montée de Nommern.

Upasse vum Policereglement vun der Gemeng Schieren un di national Legislatioun.

Le conseil communal prend les décisions suivantes :

Approbation définitive de la modification ponctuelle du PAG avec l'Introduction de nouveaux secteurs « Secteurs protégés d'intérêt communal- environnement construit » (partie écrite et graphique)
Refus du projet d'aménagement particulier Schieren rte de Luxembourg 104-108, consorts Goerens/JMJ promotions.

Avis favorable à la proposition ministérielle du classement du château de Birtrange en monument national
Fixation des jours pour lesquels des nuits blanches sont accordées à tous les cafés de Schieren

- *samedi 03.06.20107 - samedi de kermesse*
- *dimanche 04.06.2017 - dimanche de kermesse*
- *lundi 05.06.2017 - lundi de kermesse*
- *jeudi 22.06.2017 - veille de la fête nationale*
- *vendredi 23.06.2017 - jour de la fête nationale*
- *le dimanche 31.12.2017 - nuit de la St Sylvestre*

Compromis relatif à l'acquisition de terrains de compensation de M. John Dondlinger au Lehberg à Schieren d'une superficie totale de 87.20 ares au prix total de 43.600 euros et mise à disposition du crédit à couvrir l'acquisition de terrains de compensation.

Permission au collège échevinal d'ester en justice en matière de bâtisses dans l'affaire commune de Schieren c/Babacic – 19 Route de Stegen.
Projets à admettre au plan pluriannuel de financement :
Château d´eau, Rénovation bâtiment 72 rte de Luxembourg, Création parking maison et école « neie Wee », Chauffage à copeaux à bois Travaux infrastructures rue des Vergers et rue verte.

Décision portant dénomination du Hall Sportif de Schieren en « Centre Gust Goerens » à la mémoire du défunt bourgmestre honoraire Gust Goerens.

Adhésion à la campagne « Ensemble contre le gaspillage alimentaire ».

Contrat d'ingénieur relatif à des travaux sur le réseau de la canalisation à Schieren Rue du Moulion, Rte de Luxembourg et Montée de Nommern.

Adaptation du règlement général de police de la commune de Schieren à la législation en vigueur.

ELECTIONS COMMUNALES

Les prochaines élections communales au Luxembourg auront lieu le 08 octobre 2017

Dans chaque commune du pays, il y a un Conseil communal élu au suffrage universel direct, pour un mandat de six années. Le conseil communal est l'organe de décision de la commune. Il comprend entre 7 et 27 membres, selon la taille de la commune. Il décide de tout ce qui est d'intérêt communal : accueil et information des citoyens, organisation de l'école fondamentale, activités périscolaires, logements, infrastructures culturelles / sportives, environnement, organisation d'événement, subsides aux associations, office social, sécurité / protection, …

Les personnes de nationalité étrangère – sous certaines conditions – peuvent voter aux élections communales et ce, sans perdre le droit de vote dans la commune du pays d'origine.

QUELLES SONT LES CONDITIONS POUR DEVENIR ÉLECTEUR ?

– Avoir 18 ans le jour des élections
– Résider depuis au moins 5 années au Luxembourg au moment de l'inscription sur la liste électorale
– S'inscrire sur la liste électorale.

COMMENT S'INSCRIRE SUR LA LISTE ÉLECTORALE ?

Présentez-vous à l'administration communale de votre commune avec les documents suivants :

– un document d'identité en cours de validité,
– d'un ou plusieurs certificats de résidence justifiant des 5 années de résidence au Luxembourg au moment de votre inscription.
On vous demandera de compléter un formulaire pré-imprimé qui est une déclaration formelle précisant votre nationalité, votre adresse et que vous n'êtes pas déchu du droit de vote dans votre pays d'origine. Une fois inscrit, vous serez automatiquement convoqué lors de chaque élection communale. Pour participer prochaines élections communales en octobre 2017, vous devez impérativement être inscrit avant **le 13 Juin 2017**.

Les personnes de nationalité étrangère – sous certaines conditions – peuvent être candidat aux élections communales.

QUELLES SONT LES CONDITIONS POUR ÊTRE CANDIDAT ?

– Avoir 18 ans le jour des élections
– Résider depuis au moins 5 années au Luxembourg au moment de l'inscription sur la liste électorale
– Habiter depuis au moins 6 mois dans la commune
Au moins 35 jours avant l'élection, le président du bureau principal de vote (ce bureau est mis en place bien avant la date des élections) publie par voie de presse un avis fixant les jours, heures et lieu auxquels il recevra les déclarations de candidatures et les désignations de témoins.

COMMENT VOTER ?

Le nombre de conseillers communaux ainsi que les modalités du suffrage diffèrent suivant le nombre d'habitants de la commune. Dans les communes de plus de 3.000 habitants, les élections se déroulent au scrutin de liste avec représentation proportionnelle. Les groupements (ou partis) politiques constituent des listes de candidats dont le nombre ne peut être supérieur au nombre de personnes à élire. Pour voter, l'électeur a trois possibilités : le vote de liste, le panachage sur une même liste, le panachage sur plusieurs listes. Dans les communes de moins de 3.000 habitants, les élections se déroulent au scrutin majoritaire.
Plus d'information, téléchargez la fiche d'information :

LE VOTE PAR CORRESPONDANCE

Le vote par correspondance est possible pour les électeurs :

– âgés de plus de 75 ans,
– qui ne peuvent pas se déplacer pour des raisons de santé,
– qui ne peuvent pas se présenter en personne au bureau de vote pour des raisons professionnelles ou personnelles dûment justifiées,
– qui habitent une autre commune que celle où ils sont appelés à voter.

La demande de vote par correspondance est à adresser au Collège du bourgmestre et des échevins, au plus tôt 10 semaines et au plus tard 30 jours avant le jour des élections.

Invitation

Le collège échevinal en collaboration avec la commission communale des étrangers et de l'intégration invite à assister à une réunion d'information portant sur les modalités d'inscription aux listes électorales

Mercredi 14 juin 2017 à 19:00 hrs en salle des fêtes à Schieren route de Luxembourg 72

Einladung

Der Schöffenrat, in Zusammenarbeit mit der lokalen Ausländer- und Integrationskommission, lädt zu einem Informationsaustausch,in welchem die Kriterien zur Einschreibung in die hiesigen Wählerlisten behandelt werden, am

Mittwoch den 14 Juni 2017 um 19:00 Uhr im Gemeindesaal in Schieren, Luxemburgerstrasse 72

CHANTIEREN AN DER GEMENG

Provisorische Parking

a) Objet des travaux
Transformation du terrain de football existant à Schieren en terrain à gazon synthétique

b) Envergure des travaux
- Décapage terrain existant, env. 6 200 m^2 ;
- Terrassement, env. 600 m^3 ;
- Remblai matériaux en concassé. env. 1000 to ;
- Remblai matériaux de lave, env. 2 500 to ;
- Drainage DN100, env. 1000 m' ;
- Couche de souplesse, env. 5 250 m^2 ;
- Gazon synthétique lesté, env. 5 250 m^2.

c) Début prévisible des travaux
2 mai 2017

d) Durée des travaux
60 jours ouvrables

e) Entrepreneur : Karp-Kneip

f) Coûts : 985.000 ttc (selon devis détaillé)

g) Subside : 35 %

Provisoreschen Parking bei der Kierch (20m breet an 25m déif, Ouverture 17.05)

Synthetische Futtballterrain

Ausgruewungen beim Kierfent

Ausgruewungen um Terrain 45, route de Luxembourg

An enger spéiderer Ausgab kënnt méi en detailléierte Bericht zu den Ausgruewungen niewent dem Kierfent vum CNRA.

Text und Fotos : Michel Pütz

Jerry Schlentz

GAART AN HEEM SCHIEREN

Richtigstellung:
Dësen Artikel vum Gaart an Heem sollt eigentlich an der Ausgab vum Januar erschéngen, mee war onerklärlicher Weis irgendswou verluer gaang.
Mir bieden ëm Verständnis an et sollt och nit méi virkommen.

Kaffisstuff

Eis Kaffisstuff, de 25. September 2016, war gutt besicht a mir konnten ee klenge Boni verzeechnen. Quetschekraut gouf et och dëst Joer keent.

Chrëschtmaart Valkenburg-Maastricht

Donneschdes, den 1. Dezember 2016 ware mir mat 24 Leit op de Chrëschtmaart op Valkenburg. 5 Leit hu sech kuerzfristeg missen ofmellen.
Mir sinn ëm 7:40 Auer zu Schieren bei der Kierch gestart.
No enger kuerzer Paus ënnerwee si mir zu Valkenburg ukomm a géint 11:00 Auer hate mir eis Billjeen fir an d'"Gemeendegrott" an jiddereen konnt a sengem Tempo duerch d'Grotten trëppelen an dëst oder dat um Chrëschtmaart kucken, schmaachen, richen, fillen an eventuel kafen.
Fir d'Mëttegiessen huet jidderee selwer e Restaurant gesicht, wat zu Valkenburg net schwéier ass.
Punkt halwer dräi si mir op Maastricht gefuer fir och nach do e bëssen ze shoppen.
D'Leit sinn all pünktlech an zefridden zréck an de Bus komm a géint 21:15 Auer ware mir nees zréck zu Schieren.

Generalversammlung an Ofschlossfeier vum 90te Gebuertsdag

Generalversammlung

Eis 91. Generalversammlung huet dëst Joer freides, den 9. Dezember stattfond.
De President Jean-Paul MEISCH huet viru gutt gefëlltem Sall d'Memberen vum Veräin an all Personnalitéiten an Invitéeë begréisst.
No enger Gedenkminut fir d'verstuerwe Memberen vum Veräin huet hie mat e puer Eckdaten di 90järeg Geschicht a Sënn an Zweck vum Veräin beliicht.
Den 18. Abrëll 1926 ass op Initiativ vum Schoulmeeschter Antoine Bourkel de Veräin gegrënnt ginn.
Am Laf vun de Joere si verschidden Servicer ugebueden ginn, wéi Sammelbestellung vu Geseems, verschidde Geräter goufen ugeschaaft, 1 Sprëtz, 1 klenge Kelter, 1 Kabesmesser asw. Haut ass de Quetschekrautskessel nach ëmmer am Asaz.
Den 8. Juni 1947 gouf di éischt Mammendagsfeier organiséiert. Et gouf och Déiften am Veräin. No enger Ënnerbriechung vun 3 Joer huet den Här Bourkel 1967 de Veräin ërem un d'Rulle bruecht. Et gouf ee neie Comité genannt.

1970, den 31. Januar, ass den Här Bourkel am Alter vu 77 Joer gestuerwen. Wéinst senge Verdéngschter fir de Veräin gouf hien zum Éierepresident ernannt.
1976 huet de Gaart an Heem säi 50ten Gebuertsdag gefeiert.
1985 war di éischt Sammelbestellung vu Blummen an 1988 gouf e Vertikutierer kaaft.
Vun 1991 u goufen regelméisseg Ausflich vun e puer Deeg gemaach: Elsass, Bodensee, London, Berlin, Dresden, Genfer See, Weimar…
2001 fir de 75ten Gebuertsdag krut de Veräin ee Fändel. Et gouf eng Broschür gemaach, wou een haut nach ëmmer erëm gäer drabliedert.
2003 ass d'Traditioun vum Léiffrawëschdag opgegraf ginn an iwwer 80 Wëscher goufen no der Mass, wou se geseent goufen, virun der Kierch verdeelt.
2004 gouf fir d'éischt Quetschekraut gekacht. Et gouf deemols

décidéiert, nëmme Quetschen aus der Regioun ze verschaffen, an dofir ass et schons puermol virkomm, datt kengt Kraut konnt gekacht gi well et keng Quetschen hei an der Regioun gouf.
De Veräin hat bis haut
8 Presidenten
4 Sekretären, den Här Bourkel war 40 Joer lang Sekretär,
6 Keessjeeën, den Här Toni Nickels war 47 Joer lang Keessjee.
Sonndes den 11. Dezember virun der Mass gi Blummen op d'Griewer vun den Hären Antoine Bourkel an Toni Nickels néiergeluecht. D'Mass gëtt gehale fir all liewend a verstuerwe Memberen vum Veräin.
Nom Aktivitéitsbericht an dem Keessebericht vun der Madame Gréitchen Bertemes wor fräi Aussprooch.
Den Här CROCHET, President vun der Regionale Norden, a Vertrieder vun der Madame Martine MERGEN, Presidentin vun der Ligue, déi verhënnert war, huet kuerz d'Wuert un d'Versammlung geriicht an no him den Här Buergermeester André Schmit.

Gebuertsdagsfeier

Zu eiser Gebuertsdagsfeier hate mir net nëmmen eis Memberen, d'Vertrieder vun der Gemeng, de Kommissiounen an de Veräiner, de Paschtouer, den Éierendechen an d'Presidentin vun der Ligue invitéiert, mee och all fréier Presidenten, fréier Memberen vum Comité a vum Organisatiounscomité vun de Feierlechkeeten vum 75ten Anniversaire vum Veräin 2001, an d'Giedelen an d'Pättere vum Fändel.

Mir hunn eis immens gefreet datt si zu souvill eiser Invitatioun nokomm sinn a sech am schéin dékoréierte Sall afond hunn. Besonnesch huet et eis gefreet d'Madame Marie-Jeanne WOLTER-BOURKEL, di jéngsten Duechter vum Här BOURKEL, an eiser Mëtt ze hunn. Och si ass Giedel vum Fändel an ass extra vu Sandweiler op Schieren komm fir mat eis ze feieren.

No der Generalversammlung hu mir op di 90 Joer Gaart an Heem Schieren ugestouss. Fir den Honger war och gesuergt. Mir haten „Open face Bréidercher" bei der Ligue HMC bestallt, a sou konnte mir der Ligue hir vill a kostbar Aarbecht mat den Handicapéierten e bëssen ënnerstëtzen.

De Gebuertsdagskuch huet och net gefeelt an d'Leit hu sech e gutt schmaache gelooss.

Mir hate keng Tombola. Jiddereen am Sall huet ee Weihnachtsstern als Chrëschtkado matheem kritt.

Sonndes, den 11. Dezember hu mir virun der Mass Blummen op d'Griewer vum Här Antoine Bourkel a vum Här Antoine Nickels gesat. Den Här Bourkel war Matbegrënner a laang Joeren di dreiwend Kraaft vun der Sektioun Schieren. Den Tun Nickels war vun 1967 bis 2014 Keessjee vum Veräin an heen ass dee leschte verstuerwene Comitésmember.
D'Mass gouf gehalen fir all liewend a verstuerwe Memberen vum Veräin.
Domadder sinn d'Feierlechkeete vum 90te Gebuertsdag vum Gaart an Heem Schieren eriwwer an et heescht elo d'Äerm eropstrëppen, no vir kucken, nei Iddien entwécklen, fir de Veräin an där onroueger Zäit vun eiser moderner Welt um Liewen ze halen.

MASSENDÉNGERAUSFLUCH

Richtigstellung:
Dësen Artikel sollt an der leschter Ausgab erschéngen, e war awer an der Dréckerei iwwersi ginn, a war bei der Kontroll vun der Epreuve och nit opgefall. Mir bieden ëm Verständnis a versichen an Zukunft d'Kontroll nach ze verbesseren.

Massendéngerausfluch – 13. September 2016

2 Deeg virum Schoulufank hunn eis Massendénger sech nach emol esou richteg kënnen austoben am Phantasialand zu Brühl. Bloen Himmel, Sonn pur, 32 Grad, a wéineg Leit am Park ! Et gouf keng Achterbunn, déi si net ausprobéiert haten, a fir déi di net gerëselt a gedréint wollte ginn, war och eppes derbäi. Och eist Monique, wat nach ni zu Brühl war, war begeeschtert vum Park. Als Senior huet hat sech op di schnellsten Achterbunn vun der Welt getraut, huet dofir 50 Minutten an der Sonn misse waarden an ass dunn mat 116 km/St. duerch de Park geschoss ginn. An eise Camille war mat de Kanner op d'Black Mamba, eng Achterbunn mat Looping. Wat een net alles mécht fir datt d'Kanner Spaass hunn !

No deene Fahrten hu mer eis am 4D Kino e bëssen erblosen. Gottseidank hate mer och Kanner derbäi déi deen Adrenalin net brauchen. Gemittlech mam Jackie op de Päerdercher, dat verdréit een awer nach besser a wéi een gesäit huet dat dem Monique och gefall.

Och wa mir an esou engem Park ëfters mam Kapp no ënnen hänken an hin an hir geworf ginn, op d'Iessen hu mer trotzdeem net verzicht ! Bockwurst, Fritten, Chicken Nuggets, chinesesch Nuddelen, Zockerwatt, Glace, Cola a Jus… an fir eis Senioren ee gudde Patt !... och wann dir et net gleeft et ass kengem schlecht ginn !

Voll zefridden si mir géint 9.00 Auer nees zu Schieren gelannt. Eis Massendénger hunn eis gedréckt a gekësst a MERCI gesot fir dee wonnerschéinen Dag ! Mir hu scho vill Ausflich mat eise Massendénger gemaach, ustrengender a manner ustrengender, mee dëse war mat Sécherheet ee vun deene Schéinsten. Kanner dir waart einfach super, keen dee gegranzt huet, keen dee gemeckert huet, et ass net gestridde ginn, an am Bus hu dir iech beschtens beholl.
Mir hoffen datt mir nach ëfters mat iech op de Tour kënne goen !

KLIMAPAKT: PRETT FIR 2017

Den 23. Januar hat eng Delegatioun vun der Gemeng Schieren sech op de Wee an den Trifolion op Iechternach gemaach. De Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen a myenergy haten op ee Klimapakt-Owend invitéiert. De Staatssekretär fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture Camille Gira huet vun der Präsenz vu villen engagéierte Leit profitéiert, fir Neierungen am Kontext vum Klimapakt virzestellen. Hei waren déi Haaptpunkte Loftqualitéit a Kreeslafwirtschaft. Aktuell engagéieren 104 vun den 105 Gemengen sech am Kontext vum Klimapakt an op deem Owend hunn och zousätzlech 22 Gemengen hier Klima-Zertifikatioun iwwerreecht kritt. D'Gemeng Schieren hat beim Audit am November 2016 direkt deen zweeten Niveau vun dräi méiglechen erreecht (iwwer 50 Prozent vun de méigleche Punkten). De Buergermeeschter konnt am Numm vun der Gemeng Schieren eng kleng Coupe mam Logo vum Klimapakt Niveau 2 an ee Bild wou de Projet Photovoltaik um Dach vun de Fussballvestiairen duergestallt war an Empfank huelen. No engem Aperitif ass profitéiert ginn fir mat den Delegatiounen aus den Nopeschgemengen eppes Klengs iessen ze goen. Dat war dann och d'Geleeënheet fir sech mat aneren Acteuren auszetauschen. Fir d'Klimateam aus der Gemeng kann déi Auszeechnung nëmmen eng Motivatioun si fir op deem ageschloene Wee weider ze schaffen. Dat kann awer nëmme gelénge wann um Niveau vun der Gemeng weider Projet'en am Kontext vun Energieeffizienz a Bekämpfung vum Klimawandel ënnerstëtzt ginn an awer och bei den eenzelnen Haushalter/Bierger dat Thema ëmmer méi zum Droe kënnt.

(z.B. energetesch Saméierung am Haus, Reduktioun vum Stroumverbrauch asw.) Och eis Betriber an der Gemeng kënnen op deem Niveau eng grouss Roll spillen.

Fir weider Informatiounen zum Thema kënnt der Iech gär u myenergy oder de Service technique (Tel.: 81 26 68-52) vun der Gemeng wenden. Weider Themen kënnt dir Iech um Internetsite vun der Gemeng ënnert der Rubrik Klimapakt ukucken.

Jean Paul Zeimes

GROUSS BOTZ 2017

Wéi all Joer am Fréijoer war och erëm den 01/04 déi Grouss Botz an der Ëmgéigend vu Schieren um Programm. Wann een op de Weeër laanscht Stroossen gekuckt huet, huet een erëm vill Plastik, Aluminiumsbéchsen, Zigarettenpackungen asw. gesinn. Saachen déi sech iwwer déi lescht Méint ugesammelt hunn. Duerch d'ganzt Land sinn dann erëm vill Leit an den Asaz gaang fir den Offall an ze sammelen, deen net responsabel Matbierger ouni Récksiicht op d'Natur ewech geheit hunn. Wann ee weess datt Papéier an Zigaretten 2-3 Joer brauche fir ofgebaut ze ginn an Plastik a Glas souguer 1000 Joer, dann ass dat Engagement vun all de fräiwëllege Leit nach méi héich anzeschätzen. Laut Ponts et Chaussées gi vun hire Leit iwwer d'Joer laanscht Stroossen an Autobunnen zwëschen 950 an 1200 Tonnen haaptsächlech Offall am Kontext vu Verpakungen agesammelt. Eng Situatioun déi schwéier esou ze akzeptéieren ass. Mee wat kann een do ënnerhuelen? Sensibiliséieren an informéieren ass sécher eppes, wat een ëmmer erëm muss maachen, mee wéini huet dee Lescht-te verstanen, datt eis Ëmwelt och seng Grenzen huet?

Zu Schieren ware jiddefalls wéi all Joer erëm vill motivéiert Leit präsent. Leit aus dem Gemengerot, de Kommissiounen an och de Veräiner. Niewent den alen Huesen déi schonn iwwer Joren dobäi sinn, huet sech awer och déi lescht Joren eng Equipe mat jonken Elteren an hire Kanner bedeelegt. d'Pompjeeë waren dëst Joer mat hire Jugendpompjeeë gutt vertrueden. D'Schoulkanner hate Freides ëm d'Schoul scho gebotzt. Datt déi jonk Leit zu deem Thema musse motivéiert ginn ass kloer, vläicht wier et eng Méiglechkeet fir och iwwer déi aner Veräiner d'Jugend méi an d'Aktivitéit mat an ze bannen. Parallel dozou kéint een dann och kucke wéi een den Ofschloss vun der Aktioun kéint anescht organiséieren. Wien eng Propose huet kann sech gäre bei der Ëmwelt a Mobilitéitskommissioun mellen. (Jean-Paul Zeimes) Dëst Joer huet d'Gemeng den Aperitif offréiert an d'Leit konnten sech Mëttes mat engem Gefill, datt si eppes konkret Wichteges fir d'Ëmwelt gemaach hunn an d'Fautel sëtzen.

Jean-Paul Zeimes

EISCHT MEEFEIER 2017

Wéi all Joers haten sech och dëst Joer um éischte Mee nees eng Rei Leit mat Zäit op de Wee gemeet, fir ënner Buchels op der Grillplaz der Traditioun vum Meekranz nozekommen.
Déi eng Équippe ware besser ausstafféiert wéi anerer a waren deemno och méi séier fäerdig mam Banne vun hirem Meekranz. Mee no a no haten och di Lescht hire Kranz gebonnen.

An där Zäit haten d'Liliane an d'Cecile vum Basket de Kaffi präparéiert a bei deem kille Wieder war eng Taass waarme Kaffi ganz angenehm an d'Bréidercher hunn och duebel sou gutt geschmaacht.

Nom Kaffi war et dann och schon un der Zäit fir de Wee an d'Duerf unzetrieden fir de Cortège. No der Opstellung beim Alen Atelier gong de Cortège a Richtung Gemeng wou ee Meekranz opgehaange gouf, duerno gouf am Neie Wee d'Kéier gemeet an et gong bis op d'Valisplaz a vun do nees zréck d'Steeënerstrooss rop bei d'Sportshal.

Nom Marsch Greenville virun der Sportshal huet de Buergermeeschter André Schmit d'Wuert un d'Leit geriicht an huet allen déi sech un dëser éischt Meefeier bedeelegt hunn merci gesot, besonnesch de Pompjeeën an der Musek déi ganz gutt vertrueden waren, awer och di zwou Dammen déi fir dat läiflecht Wuel am Bësch gesuergt haten kruten ee merci gesot.

Zum Afschloss vun dëser éischt Meefeier huet de Buergermeeschter op ee Patt an d'Buvette agelueden.

CP

BAM FIR EIS NEIGEBUEREN VUN 2016

Wéi all Joer haten de Gemengerot mat der Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun déi jonk Eltere mat hire Kanner déi 2016 op d'Welt koumen invitéiert fir ee Bam ze planzen. Et waren 31 Kanner zu Schieren ugemellt ginn a Samsdes den 08.04. waren 13 Famille bei der Sportshal laanscht komm. De Bam dee geplanzt gouf ass ee Nëssert. Hien mécht elo am Butzepark zesumme mat de Beem vun de leschte Joeren een Areal vu 15 Beem aus. (Haaptsächlech Nësserten) Bei de Beem déi scho méi laang stinn ass am Hierscht schonn ee klenge Sack voll Nëss ze fannen.

De Fierschter a seng Equipe hat de Bam organiséiert an hat sech och ëm déi graff Präparatioun vum Terrain gekëmmert. De Rescht hunn di Jonk Pappen erleedigt.

Wéi all Joer huet Gaart an Heem déi ganz Aktioun ënnerstëtzt a fir d'Invitéen eng kleng Receptioun organiséiert. Fir Iessen a Gedrénks war beschtens gesuergt.

Wéi d'lescht Joer haten d'Pompjeeë mat der Gemeng och drop gehale fir de jonke Famillje jeweils ee Feiermelder als Cadeau ze iwwerreechen. De Pompjeescommandant huet erklärt wéi een dee Feiermelder doheem sënnvoll asetze kann an huet d'Leit motivéiert fir dat Gerät och am Haus ze montéieren.

Well elo d'Plaz bei der Sportshal am Butzepark lues awer sécher gefëllt ass muss ev. fir de Joergang 2017 een anere Projet lancéiert ginn. Falls een eng gutt Iddi huet, kann en sech gär bei der Ëmwelt a Mobilitéitskommissioun mellen.

Jean Paul Zeimes

KULTURKOMMISSIOUN

Jerry Schlentz

KACHCOURS MAT LËTZEBUERGER KICHEN AM MÄERZ 2017

Den Entschloss fir den Kachcours ze organiséieren war ganz séier geholl. Wéi an enger Sëtzung vun der Kulturkommissioun gesot gouf, dass d'Kichen een Deel vun der Kultur ass, huet eisen äerdege President déi Iddi direkt op den ordre du jour vun der nächster Sëtzung gesat an den Cours gouf mat der Hëllef vun all de Memberen aus der Kulturkommissioun organiséiert.

An et ass jo och esou, dass d'Kichen, an domadder ass net nëmmen dat Wat an Wéi et zoubereet gëtt gemengt, mee och den Raum „d'Kichen" geduecht. D'Kichen war schonn ëmmer een „lieu de rencontre" wou d'Leit sech begéint hunn, wou mateneen gekacht, geschwat an gelaacht gouf. Ech fannen et ganz wichteg fir mateneen ze schwätzen an nozelauschteren. An dat gouf och ganz fläisseg gemaach.

Eis lëtzebuergesch Kichen ass och eng ganz ofwiesslungsräich wat et einfach gemaach huet den Programm zesummenzesetzen.

Ech hunn awer och op d'Iddië vun den interesséierten „Schüler" gelauschtert an hier Proposen mat an den Cours agebaut. Sou goufen ganz klassesch Platen, heiansdo méi modern interpretéiert, zesummen gekacht. Verschafft goufen vun den verschiddenen Béischten och Deeler, déi haut villäicht net méi esou alldeeglech sinn. Mee, et war schonn ëmmer an der Kultur vun alle Kichen fir vum Béischt net nëmmen déi „edel" Stécker zouzebereeden. Haut schwätze mer jo ëmmer méi vum „anti gaspillage alimentaire". Wie weess, villäicht kommen déi nächsten Kéier d'Baken an den Schwanz drun.

Ech war op alle Fall frou fir zesummen mat den ageschriwwenen Schierener Bierger déi verschidden Menuër ze „kachen an brachen" an duerno bei engem killen Pättchen lëtzebuerger Wäin z'iessen.

Francis Wirth

Virwuert vum President vun de Kulturkommissioun.

Ee grousse Merci un d'Memberen vun der Kulturkommissioun, eng ganz aktiv Équipe mat grandiosen Iddien.

Iddien aus alle Beräicher wei z.b. Kachcours fir Ufänger mat lëtzebuerger Spezialitéiten z'organiséieren. Esou huet de Kichechef aus onserer Équipe deen an dësem Beräich doheem ass, sech bereet erkläert, dëse Cours ze leeden. Spontan hate sech 10 Kandidaten ugemellt, déi mat Spaass a Begeeschterung dem Kach an Hand gaange sinn.

Merci soen ech de Leit déi derbäi waren.

Merci awer och onser Gemeng fir hier Ënnerstëtzung.

An nit ze vergiessen de Jerry Schlentz, deen net nëmme ganz aktiv mat gekacht huet, mee deen och all eis Menuen an enger Topqualitéit fotografëiert huet.

Alfred Kayser

Nodeems d'Annonce am De Louis Nr 51 vum Januar stong, datt am Alen Atelier e Kachcours vun der Kulturkommissioun organiséiert géif, huet sech e Grupp vu Leit zesumme fonnt fir gemeinsam eppes iwwer lëtzebuerger Kichen ze léieren. Ënner der professioneller Leedung vum Francis Wirth konnt et an der Kichen vum Alen Atelier lass goen mam schielen, schneiden, blanchéieren, a sou weider. D'Ambiance war entspaant an et ass opmierksam nogelauschtert ginn. Gekacht goufen d'Klassiker aus der lëtzebuerger Kichen, vun Mielkniddelen iwwer Kuddelfleck zu Prince Orloff, déi wahrscheinlech jidderengem bekannt sinn, mä wou een sech nach net getraut huet selwer doheem ze kachen. Och nei Iddien an Inspiratiounen konnten d'Kachschüler am Cours opgräifen, sou wéi d'Sauce Remoulade mat Anchois, déi sécher bei schéinem Grillwieder nogekacht an op den Dësch kënnt.

D'Motiver vun den Teilnehmer fir um Cours deel ze huelen waren ganz ënnerschiddlech. Vu Leit, déi sech méi bewosst ernähre wëllen iwwer Mammen, déi hire Kanner wëlle lëtzebuerger Kichen zerwéieren bis Hobbykäch war alles vertrueden. Esou ass een och no der vollbruechter Aarbecht a gemeinsamem Iessen gemittlech bei engem Gliesche Wäin zesumme bliwwen an huet sech ënner Schierener besser kennegeléiert.

Laura Caregari

TENNIS

Den éischten Deel vun eisem Tennis-Championnat hu mer hannert eis. Samschdes a sonndes hunn d'U14 Jongen, eis Entente U18 Jongen a Meedercher an eis Jeunes Vétérans-Equipen ëm all Ball um Terrain gekämpft. Nodeems dëst Championnat lo op en Enn gaang ass, dierfen eis 1. Senior Dammen an Hären Equipen ab dem 20. Mee op de Schierener Terrainen untrieden. Mir invitéieren all d'Frënn vum Schierener Tennis, eis op eis Mätcher ënnerstëtzen ze kommen. Bei engem klenge Pättchen an engem Stéck Taart kann ee gemittlech eng Stënnchen op eiser Terrass verbréngen. Mir freeën eis elo schonns op är Ënnerstëtzung.

Dames +35
v.l.n.r: Herrmann Michèle, Bertemes Romy, Everard Carmen, Sutor Nathalie
(et feelen Halsdorf Pat, Nilles Myriam, Nilles Jessica)

Hommes +35
v.l.n.r: Mergen Johny, Gauthier Jemp, Pires Pinto Fränz, Everard Marc,
Schaber Patrick (et feelt Lonien Claude)

Mir wëllen op dëser Plaz och nach eng Kéier eisem Sponsor Tomcar villmools Merci soe fir déi flott Tenuen déi si all eisen Equipe gesponsert hunn.
Mir invitéieren iech och ganz häerzlech op eisen nächste Clubowend an eisem Clubhaus. Rendez-vous ass de 16. Juni ab 20h00.

Fir den TC Schieren, Thill Laura



Mathys an Ted Schaus

U14 Garçons
v.l.n.r : Schaus Rick, Schaus Ted, Wirard Noé, Schaus Mathys (et feelen Jo a Lenn Schmitz)

MUSEK

Audition d'élèves du CMNord

Samschdeg de 25. Mäerz 2017 um 15h00

No enger kuerzer Begréissung duerch de Blaise Stélandre, directeur adjoint, vum CMNord, an dem Camille Pletschette, stellvertriedend fir de Buergermeeschter Ändré Schmit deen nit konnt deelhuelen, fir d'Gemeng Schieren.

D'Auditioun huet kuerz no dräi Auer ugefaang. Ausschliesslich Schierener Musiksschülerinnen a Musiksschüler, déi zum Deel am Jugendensembel sinn, respektiv schon an der grousser Musek matspillen stongen um Programm. Et ass eng gutt Geleeënheet fir virun de Leit ze spillen an säi musikalische Niveau ënner Beweis ze stellen.

Folgend Instrumenter waren an der Auditioun ze héieren: Percussioun: Jules Nickels, Mats Jung, Vibraphon: Valerie Nickels, Jules Nickels, Cornet: Leo Kayser, gouf vum Papp Joe op der Trompett begleet, Saxophone: Soprano Jackie Nickels, Saxophone alto: Emma an Anna Moura, Julie Moura Cor, Querflüte: Linda Nickels a Mara Leuck, Clarinette: Lexie Nickels, Violon Renée Wirth.

Allen 13 hunn hir Étuden ganz gutt gemeeschtert, et war eng schéin Auditioun an d'Leit hu ganz gutt Saache gebuede kritt, um Piano goufe si begleet vum Nelly Adams.

De Gemengerot war duerch di zwéi Schäffen Camille Pletschette a Francis Wirth vertrueden. Si kënne dem Gemengerot mat Iwwerzeechung mat op de Wee ginn dass dës Gelder ee sënnvollen Investissement an di musikalisch Erzéiung vun eiser Jugend ass.

Zum Schluss huet d'Gemeng op ee Patt invitéiert an et konnt nach bësse gefachsimpelt ginn.

Camille Pletschette

Jugendstage 2017 zu Remerschen

Guddes erhalen, Neies erfannen. Dat ass de Leitfaden vun den Organisateuren vum Jugendstage. Dëse Stage huet och dëst Joer erëm an der Jugendherberg zu Remerschen stattfonnt, an der Fuesvakanz vu Méindes bis Mëttwochs. Mat der Fanfare des Faubourgs aus der Stad ass dann och erëm eng nei Musek dobäi, woubäi dann elo am Ganzen 6 Museken un dësem Stage bedeelegt sinn.

Den Coordinateur vum Stage, kee geréngeren wéi onsen Dirigent vun der Schierener Musek, de Roland Schiltz, huet zu Recht beim Ofschlossconcert um Cents am Centre Sociétaire bemierkt, datt et Kollegen aus deene verschiddene Museken sinn, déi dëse Stage organiséieren, an déi zu Frënn gi sinn. Eent vun den Zieler ass, dass esou Frëndschaften och bei de Kanner aus de verschiddene Museken entstinn. Effektiv hunn déi lescht Jore bewisen, dass dëst e positiven Nieweneffekt vun onsem Stage ass, wann d'Schüler sech z.B. an de Schoulen oder Conservatoiren begéinen. Fir déi aner leeft de Kontakt iwwer déi modern Medien wéi Facebook oder e-mail.

Traditionell gouf erëm gesongen, woubäi nieft engem Kanon, geschriwwe vum Claude Kraus, och d'Stéck „de wëlle Menn" um Programm stoung. (Klengen Tipp: Dir fannt et op Youtube gesongen vum Thierry Vanverweke – ons Versioun war awer bësse méi soft). Duerno hunn déi eenzel Instrumentalgruppen gewisen, wat si an hiren Atelieren ageschafft hunn, fir de Concert mam Orchester ofzeschléissen.

Um Stage selwer hate mir Interessantes geléiert. Sou huet de Claude Kraus ons gewisen, wéi een am Schlof otemt, wann een d'Muskelen net benotzt. Säi „Frühsport" fir d'Kanner moies opzemonteren ass och net ze vergiessen.

An der Jugendherberg war Chantier, wat zur Folleg hat, datt mir beim Iessen Hand mat ugepak hunn beim servéieren, a vill méi regroupéiert beienee souzen. Allgemeng gouf d'Iessen nach besser fonnt wéi déi Jore virdrun.

Animatioun war och erëm um Programm mat Kenneléierspiller, engem Quizowend, engem Rallye, an, an, an…

Sigi

Vu Schieren ware mat: Alves Martinho Joé, Garson Jil, Moura Anna, Moura Julie, Moura Manou, Nickels Jules, Nickels Lexi, Nickels Linda, Nickels Valy, Pütz Laurie, Queiros Martino Fabio, Garson Sigi (Orchester/Blech), Kraus Claude (Gesank), Nickels Sally (Animatioun), Schiltz Roland (Chef vum Stage).

FRAEN A MAMMEN

Den 3. Mäerz war de Weltgebietsdag zu Wooltz

Dëst Joer ass déi Beweegung vun de Philippinen ausgaangen.

Den 13. Mäerz war eis Generalversammlung

Sie war gutt besicht. Eis Schnittercher mat engem gudde Pättchen sind gutt ukomm.

Mir hu 5 Checken iwwerrecht, am Ganzen 12.000 € :

- Fondation Recherche sur le CANCER et les MALADIES DU SANG
- APEMH
- ZAK
- En HAERZ FIR KRIIBSKRANK KANNER
- SOURIRE EN HAITI.

Den 21.03. hate mir dëst Joer d'Jousefsfeier zu Mäerzeg

Den 9.04. hate mir, wéi all Joer op Pällemsonndeg, eise Basar mat Kaffisstuff

am Festsall vun der aler Gemeng. Mir ware frou esou vill Leit begréissen ze kënnen. Eis Tombola war, wéi ëmmer ee grousse Succès. Owens gouf eng Assiette du Pêcheur, Quiche Lorraine mat Zalot a Gromperenzalot mat Wierschtercher zerwéiert, zur Zefriddenheet vun eise Gäscht.
Den Erléis ass fir eis Sozialwierker: Häerzkrank Kanner zu Lëtzebuerg, Blëtz, a Bonnievale.

Annette Thiry

AKTIVITÉITEN VUN DE SCHIERENER POMPJEEËN

Léif Schierener Leit,
Dëst Joer hu mir eng richteg grouss Buerg gebaut fir de Wanter ze verbrennen. Eng Buerg sollt et sinn, um Deckel vun der Editioun gesidd dir d'Resultat. Super geschafft Jongen. Mat onsen 2 Chefen gouf dëst geplangt, opgekritzelt an dunn ëmgesat.
4 Poteauen, eng Passerelle déi op 4m héich war, wou een och rondrëm konnt goen. Dann hate mir eng Hängebréck an och e Fändel. Ee gelongend Stéck. D'Chrëschtbeemercher aus dem Duerf sinn och drakomm an hunn derzou bäigedroen, datt se gutt gebrannt huet. Sou laang a schéi wéi dëst Joer huet nach keng Buerg gebrannt. D'Wieder war alles mee net gutt, mee ons Leit hunn all laang duergehal. Merci un all d'Pompjeeën a Kollegen déi matgehollef hunn. Och dem Carlos an der Firma Di Cato Merci datt si ons dëst Joer och rëm hire Manitou zur Verfügung gestallt hunn, de Carlos huet déi Maschin perfekt am Grëff. De Schierener Leit a vun rondrëm Merci datt se bis an de Bau an owes bei d'Buerg komm sinn. Den Dag duerch waren nit sou vill Leit bei der Buerg, mee dat lung definitiv um Wieder. De Wanter war verbrannt ginn, och wann et duerno nach zu enger Kalwiederperiod komm ass. Eng gelongen Traditioun déi nach laang soll weider liewen.

Mee ass déi Buerg do nach ze topen?

Sécherheetsdag zu Ettelbréck 22.04.17

D'Kollege vun Ettelbréck haten sech vill Aarbecht gemaach fir rëm ee flotte Programm op d'Been ze setzen. D'Police, d'Arméi, d'Douanes an d'Rettungsdéngschter hate vill Material ausgestallt, Virféirunge gemaach an och Erklärunge ginn. Flott ze gesinn, op wat mir hei am Land kënnen zréckgräifen, wann Nout um Mann ass oder wa soss Kontrolle musse gemaach ginn.
Och mir waren mat puer Leit an e besse Geschir mat derbäi.
Onsen neiëmgebautenen TSF war ausgestallt a mir hunn ons ëm de Firetrainer gekëmmert. Do konnten d'Kanner an di Erwuessen mol selwer eng kéier probéieren, wat et heescht, Feier auszeman. Et si vill Leit laanscht komm an hunn hirt Bescht gemaach.
Merci och hei onse Pompjeeën, datt si hir Zäit fir dësen Dag agesat hunn.

1. Meefeier

Och dëst Joer war de Wee um 1.Mee fir d'éischt an de Bësch fir de Meekranz, respektiv, d'Meekränz ze bannen. Et waren eng Partie Leit do, och wann ee mierkt, datt et awer rëm bëssen ofhëlt. D'Wieder huet gehal sou datt mir dann och gutt viru komm sinn. D'Blieder waren naass, mee Bulli hate mir keen. Sou wéi déi Joere virdrun, ass nom Bannen mol bei enger Taass Kaffi oder soss engem Gedrénks e Bréitchen gies ginn ir et duerno op de Cortège gaang ass.

No deem offiziellen Deel, hu mir ons rëm am Bau afonnt an onsen traditionellen 1te Mee weider ënner de Pompjeeën mat Kollegen a Partner ausklénge gelooss.

Och dëst Traditioun soll net ausstriewen.

Verschiddenes

Hei gesi dir nach wat mir sou bei onsen Übungen maachen. Weiderbildung ass wichteg, d'Material muss ee kennen. Mir hunn och nach ëmmer Plaz an onse Reien, also mellt Iech.

Keen Haus ouni Rauchmelder oder ouni Feierläscher

Mellt Iech bei ons wann dir Informatioune braucht. Mir hëllefen Iech gären.

Tel: 81 79 71
E-Mail: Info@spschieren.lu

NEIES AUS DER PAR

Concert „Gospel goes Africa“

De 19. Mäerz 2017 hat den Éisleker Gospelchouer, zesumme mat der Kulturkommissioun Schieren, op e Concert invitéiert ënnert dem Thema „Gospel goes Africa“.
Di vill Leit, déi sech an der Kierch afonnt haten, hunn e ganz flotten a qualitativ héichwäertege Concert erlieft.
Um Programm stoungen afrikanesch Lidder mat vill Rhythmus, awer och mat ganz usprochsvollen Texter.
De Chouer ass vum Sandra Kringels professionell geleet ginn. D’Dirigentin huet et awer och fäerdeg bruecht, fir d’Texter vun deene verschiddene „Gospelsongs“ op eng ganz nodenklech Manéier ze erklären.
Begleet a beräichert gouf de Concert vum Pianist Frank Bovet.
De richtegen „Touch“ krut dat Ganzt duerch di afrikanesch Trommelen an Dänzerinnen.
Den Erléiss war fir Bonnievale-Projects asbl. Dëse Projet fir Hëllef fir Kanner aus engem Slum a Südafrika gëtt jo scho säit ville Joren vun der Schierener Paréquipe ënnerstëtzt.
E grousse Merci der Schierener Gemeng déi, an Zesummenaarbecht mat hirer Kulturkommissioun, all Leit di zum Gelénge vun dësem flotten Concert bäigedroen hunn, op eng geselleg Receptioun invitéiert hat.

Text: Agnes Schartz-Weny
Fotoen: Jerry Schlentz

Klibberen: Karfreiden / Karsamschdeg

17 Kanner a Jugendlecher sinn a 4 Gruppen duerch Schieren gezunn fir d'Klacken ze ersetzen. Wéi der jo wësst sinn déi all Joer virun Ouschteren op Roum!
Obschonn se Reen ugekënnegt haten fir den Ouschterweekend, sinn eis Kanner net geduscht ginn, et hat kuerz e bëssen gedrëpst, mee et war net derwäert dervun ze schwätzen!
Pünktlech um 7:00 um 12:00 an um 18:00 Auer stoungen si op Karfreiden op hiren Treffpunkten, am Agank vun der Primärschoul an der Steeënerstrooss oder vir a Schieren beim Bushaischen. Ee Grupp gëtt all Joer op d'Häff gefouert, duerno op d'Schläed an op de Léibierg. den zweete Grupp huet duerch d'Haaptstrooss an all de Niewestroossen zur Eisebunn zou geklibbert, deen drëtte Grupp geet Richtung Ettelbréck, an dee 4. Grupp klibbert Richtung Colmer, duerch di nei Cité. Eis Klibberkanner sinn am Duerchschnëtt 30 Minutten ënnerwee.
Ouschtersamschdeg war et och net fir am Bett leien ze bleiwen.

.... um 9.00, wa bei deene meeschte Leit d'Rollluedden erop sinn, däerfen se dann endlech bei d'Leit schelle goen fir hinne schéin Ouschteren ze wënschen an natierlech hire Klibberloun ze kréien. Nomëttes konnten eis Klibberkanner e bësse raschten, an 2 Parequipe-Dammen hunn d'Séissegkeeten, d'Eeër an hire Klibberloun an hir Näschter gefëllt.

No der Moiesklack goung et an de Massendéngersall, wou sech gestäerkt gouf fir deen ustrengenden Dag. Ier mer bei d'Leit schelle gaange sinn, ass nach ee Nascht gebastelt ginn a duerno sinn e puer Quizer zum Thema Ouschteren. Géint 8.30 Auer sinn eis Massendénger ongedëlleg ginn, a si wollten ob de Tour!

Um 18.00 Auer stoung eis Jugend nees prett fir d'Owesklack. No der Owesklack war et dunn endlech esouwäit, si konnten hirt gefëlltend Nascht an de Massendéngersall sichen kommen... a mam Rescht Geld, wat mir net an d'Nascht gemaach hunn, fuere mir nees op ee flotten Ausfluch!

Text a Fotoen : Josiane Gillen

KOMMIOUN 2017

15 Kanner sinn zu Schieren op hir éischt helleg Kommioun am Reliounsunterrecht an der Schoul, wéi och am Kommiounsunterrecht samschdes moies virbereet ginn. Et war dëst di leschte Kéier, wou et ënner dëser Form gemaach ginn ass. Wéi der jo wësst ass vum September keen Reliounsunterrecht méi an der Schoul, a wann een d'Kommioun wëll maache muss ee jo awer wëssen wat dat heescht u Gott gleewen. Ganz vill Saachen muss ee wëssen, an dat muss och geléiert ginn, genau sou wéi rechnen a schreiwen.

Thema vun der Kommioun war dëst Joer: A Christus verwuerzelt sinn. Sou wéi e Bam mat senge Wuerzelen ganz fest am Buedem steet, sou si mir duerch d'Léift mat Jesus verbonnen. Kommunioun heescht Gemeinschaft mat Jesus a mat anere Mënschen. Brout a Wäin hu mir an der Mass gedeelt, esou wéi de Jesus beim leschten Abendmahl d'Brout mat senge Jünger gedeelt huet.
A well d'Brout e ganz wichtegt Thema ass, si mir och an d'Thillenvogtei op Randschelt gefuer fir Brout ze baken. Et ass e wäite Wee vum Weessekär bis bei d'Brout, an dat ass fir eis Kanner eppes ganz Neies. Si hu selwer dierfe schaffen, hunn op der Scheier gedresch, selwer d'Feier ugemaach an natierlech och den Deeg gekniet wéi fréier.

De 14. Mäerz hunn eis Kanner mat de Kommiounskanner vu Colmar-Bierg hiert Dafverspriechen, an der Schierener Kierch, erneiert. Fir dës Feier huet all Kand seng Dafkäerz matbruecht. Zenter e puer Joer gëtt d'Dafverspriechen schonn e puer Woche virun der Kommioun erneiert, a net méi wie soss an der Kommiounsmass.



Den 30. Abrëll war et dunn endlech esouwäit. 32 Kanner hunn sech mat hire Familljen an der rue de l'Ecole zu Colmer-Bierg versammelt, a sinn a feierlechem Cortège an d'Kierch gezunn. Leider ass di Colmer Kierch net ganz grouss, a mir hunn eis all e bësse missen drécken. Ech kann iech berouegen, et war mat zimlecher Sécherheet di lescht Kommioun di zu Colmer gefeiert ginn ass, di nächst feiere mir nees zu Schieren, oder vläicht schonn zu Ettelbréck! Och wa vum September keen Unterrecht méi an de Schoulen ass, d'Kommioun gëtt nach ëmmer gemaach, mee d'Virbereedung ass net méi déiselwecht. Eent steet fest, mir bleiwen eng Gemeinschaft a wäerten an Zukunft och weider d'Brout briechen an deelen!

FRËNN VUM 3. ALTER GEMENG SCHIEREN

Generalversammlung, 18.01.2017, Bericht 2016

Eis lescht Generalversammlung war de 17. Februar 2016.
Eis 10. G.V. ënnert dem neien Numm „Frënn vum 3. Alter Gemeng Schieren“ hate mir eis anescht virgestallt. Haut setze mir nach just zu 2 vum Comité hei.
54 Leit hun dorun deelgeholl.

Well ech déi Zäit an der Klinik war hunn ech alles Sonndes virbereet fir d'Versammlung dass den Nico meng Charge konnt iwwerhuelen. Hien huet d'Leit begréisst an nom Aktivitéits- a Keessebericht hunn d'Kontroller Entlaschtung gefrot. Et ass keen an de Comité komm, mir sinn also zu 4.
Am Mäerz hu mir nees en Ziedel wéinst de Memberskaarten an all Haus ginn. 156 Leit hunn dorophin 5€ pro Persoun bezuelt, entweder bor oder op de Kont iwwerwisen. Déi Leit, déi bezuelt hun kréien fir déi nächst Fester en Ziedel an d'Haus.

Den 18. Juni war Grillfest

59 Leit waren ugemellt. 14. Leit hun eis op deene verschiddene Plaze gehollef fir datt den Dag zur vollster Zefriddenheet ofgelaf ass. De Cos an de Pol hu virun der Dir gegrillt, d'Wieder war net gutt ugekënnegt mee et huet gehal bis mir fäerdeg waren. D'Marianne, d'Christiane, d'Liliane, d'Patty an d'Mireille hunn zerwéiert an d'Mariette huet an de Grompere geréiert. D'Laurinda an d'Rosa hunn an der Spull gehollef, d'Lucienne an d'Irma hunn de Buffet iwwerwaacht, den Ed huet d'Fläschen opgemaach an den Nico huet derfir gesuergt dass d'Keess gestëmmt huet. Merci och fir déi vill Zaloten, Desserten an Donen.

De 16. Oktober war eisen Dag vum 3. Alter

58 Leit haten sech ugemellt an hu sech d'Choucroute Garnie gutt schmaache gelooss. E Stéck Taart mat enger Taass Kaffi huet net dierfe feelen.
17 vun den eelste Memberen déi un der Feier deelgeholl hunn hunn eng schneekeg Corbeille iwwerreecht kritt.

Och hei waren nees 10 Leit do fir ze hëllefen. En häerzleche Merci.

Am Dezember war eng Rentnerfeier vun der Gemeng

mat de Frënn vum 3. Alter stoung um Ziedel vun der Gemeng. Do waren anscheinend Diskussiounen am Duerf well vill Leit Member beim 3. Alter sinn, déi, Rentner sinn awer den Alter vu 65 nach net erreecht haten. D'Feier war ganz schéin a mir soen der Gemeng Merci an dass si an dem Sënn kënne viru fueren.
De Comité deen all Woch an der Porte ouverte muss dru gleewen, war viru Chrëschtdag mat deene Leit, déi all Woch an d'porte-ouverte kommen, iwwer Mëtteg an den Restaurant Neptwone op Colmer. Duerno gouf erëm Kaart a Rummicup gespillt an zur Feier des Tages gouf et als Dessert ee Stéck Bûche mat Kaffi an der Porte-ouverte.
Mir haten **42 porte-ouverten** mat **878 Leit**, dat ass e Duerchschnëtt vun **20 Leit**, deen de Moment awer knapps ereecht gëtt.
An der porte ouverte feiere mir **Gebuertsdag, Mammen- a Pappendag,** den **Ouschterhues** bréngt eppes an de **Kleeschen** gëtt och ëmmer eng Tiitchen op der Gemeng fir eis of.

Mir hunn dat lescht Joer awer och nees puer Membere verluer: Dat waren: Eipeltauer Erika, Hilger-Thiry Josée, Bormann Berthy a Goerens Gust,
